N°8152
Entrée le 13.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 13.07.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Lëtzebuergesch Veräiner, déi Member vun enger Federatioun sinn an bei Sportskompetitioune matmaache, kënnen iwwert de Subside de Qualité+ bis zu 150€ fir all Kand am Veräin kréien. Deadline fir seng Demande ofzeginn ass ëmmer den 30ten September vum jeeweilege Joer. Eisen Informatiounen no sinn d'Verbänn dëst Joer méi spéit wéi soss, eréischt Ufank Juni, un de Subside Qualité+ erënnert ginn. 2020 war d'Circulaire den 15ten Abrëll erausgaangen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat ass d'Informatioun dës Joer méi spéit eraus gaangen?

2. Dann kann een an der Circulaire och nach liesen:

   > *"Les demandes d'homologations de brevets et diplômes délivrés par une entité autre que le Ministère des Sports - ENEPS, sont à introduire à l'ENEPS avant le 1er janvier 2024 au plus tard."*

   Dës Deadline ass awer net esou am Règlement grand-ducal vum 23ten Dezember 2016 festgehalen. Wéi koum dësen Delai zu stanen, respektiv ass en an engem anere Règlement festgehalen?

3. Sinn d'Subside fir d'Joer 2022 schonn ausbezuelt? Wa nee, wéi vill Dossiere stinn nach op?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten